LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 30 JUIN 2020

**Objet : Question parlementaire n° 2300 du 29 mai 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet des avertissements taxés**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

François BAUSCH

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Sam Tanson, Minister fir d'Justiz, op parlamentaresch Fro n° 2300 vum 29. Mee 2020 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen iwwert « Avertissements taxés »**

**1)**

**Tableau 1: D'Zuel vun den Ordonnances pénales, déi d'Policegeriichter an der Matière vum Stroosseverkéier gesprach hunn**

| *Policegeriicht* | *2019* | *Stand vum 29.5.2020* |
|---|---|---|
| **Dikrech** | 800 | 214 |
| **Esch-Uelzecht** | 2367 | 694 |
| **Lëtzebuerg** | 3190 | 568 |
| **Total** | **6357** | **1476** |

**Tableau 2: Beträg vun den Ordonnances pénales, déi d'Policegeriichter am Kader vum Stroosseverkéier gesprach hunn**

| *Policegeriicht* | *2019* | *Stand vum 29.5.2020* |
|---|---|---|
| **Dikrech** | 205.250,00 € | 51.265,00 € |
| **Esch-Uelzecht** | 495.055,00 € | 127.670,00 € |
| **Lëtzebuerg** | 659.439,00 € | 119.914,00 € |
| **Total** | **1.359.744,00 €** | **298.849,00 €** |

Wat Relatioun tëscht den onbezuelten Avertissements taxés an den Ordonnances pénales betrëfft, ass et nëtzlech nach eemol op d'Äntfert op parlamentaresch Fro n° 1266 ze verweisen. Et sief deemno rappelléiert dat, « *d'Avertissements taxés [...] déi duerch den automatiséierten [Kontroll-an-Strof] System CSA konstatéiert goufen, an fir déi e Betrag vun 49 Euro geschëlt ass, keen Protokoll méi opgestallt gëtt wann den Avertissement taxé nët bezuelt gëtt. An deem Fall gëtt den Détenteur vum Gefier, duerch eng schrëftlech Décisioun vum Procureur d'État, fir eng forfaitaire Geldstrof schëlleg gesprach. Dës Avertissements taxés fannen sech dofir nët an der Zuel vun den Ordonnances pénales erëm.* »

**Tableau 3: D'Zuel vun den rechtskräftegen Ordonnances pénales, déi d'Policegeriichter an der Matière vum Stroosseverkéier gesprach hunn, an déi dem Service d'exécution des peines beim Parquet général (« PG-SEP ») zur Exekutioun zougeschéckt goufen**

| Rechtskräfteg Ordonnances pénales | 2019 | Stand vum 29.5.2020 |
|---|---|---|
| Ze iwwermëttelen un AED fir Andreiwen | 34 | 63 |
| Iwwermëttelt un AED fir Andreiwen | 2030 | 150 |
| Beglach duerch Bezuelen vun der Geldstrof | 3589 | 91 |
| Beglach duerch « contrainte par corps » | 5 | 0 |
| Beglach duerch en anere Grond | 7 | 0 |
| Zrèchgescheckt un den PG-SEP weenst Net-Andreiwen | 145 | 2 |
| **Total** | **5810** | **306** |

**Tableau 4: Beträg vun den Geldstrofen aus den rechtskräftegen Ordonnances pénales, déi d'Policegeriichter an der Matière vum Stroosseverkéier gesprach hunn**

| Beträg vun den rechtskräftegen Ordonnances pénales | 2019 | Stand vum 29.5.2020 |
|---|---|---|
| Ze iwwermëttelen un AED fir Andreiwen | 8.080,00 € | 11.240,00 € |
| Iwwermëttelt un AED fir Andreiwen | 414.659,00 € | 28.179,00 € |
| Beglach duerch Bezuelen vun der Geldstrof | 775.495,00 € | 17.245,00 € |
| Beglach duerch « contrainte par corps » | 780,00 € | 0,00 € |
| Beglach duerch en anere Grond | 1.670,00 € | 0,00 € |
| Zreckgescheckt un den PG-SEP weenst Net-Andreiwen | 35.325,00 € | 310,00 € |
| **Total** | **1.236.009,00 €** | **56.974,00 €** |

Erklärungen :

- **Ze iwwermëttelen un AED fir Andreiwen** = Urteelskräfteg Ordonnances pénales, déi dem PG-SEP zur Exekutioun zougeschéckt goufen an déi nach mussen un d'AED iwwermëttelt gi fir d'Geldstrofen anzedreiwen (Ufank vun der Andreiwungsprozedur).
- **Iwwermëttelt un AED fir Andreiwen** = Ordonnances pénales déi vum PG-SEP un d'AED iwwermëttelt gi sinn an déi nach an der Andreiwungsprozedur sinn
- **Beglach duerch en anere Grond** = Doud vum Verurteelten, spéit Ausüben vun engem Recours, etc.
- **Zréckgeschéckt un den PG-SEP weenst Net-Andreiwen** = Ordonnances pénales wou d'AED näischt andreiwen konnt an zréckgeschéck ginn un den PG-SEP als net „exekutéiert". Den PG-SEP huet doropshin Méiglechkeet iwwert den Wee vun der « contrainte par corps » ze fueren.

Et ass ze bemierken dat fir déi éischt fënnef Méint vum Joer 2020, opgrond vum État de crise an der Suspensioun vun den délais de recours laut groussherzoglecher Reguléierung vum 25. Mäerz 2020, d'Zuel vun den rechtskräftegen Ordonnances pénales, déi vun den Policegeriichter gesprach goufen, staark erofgaangen ass. Et sollt een och nach präziséieren dat verschidden vun deenen Ordonnances pénales, souwuel vun 2019 wéi och vun 2020, eréischt säit kuerzem rechtskräfteg gi sinn an dat déi verschidden Voies fir Andreiwen vun den Geldstrofen nach net opgebraucht sinn. Keng vun den gesprachenen Ordonnances pénales fir Faite aus den Joren 2019 an 2020 si bis dato verjäert, wëssentlech dat Verjärungsfrist bei Policestroofen 2 Joer bedréit.

Et stécht aus dem drëtten Tableau ervir, dat 2.209 Ordonnances pénales déi rechtskräfteg gi sinn 2019 an 215 Ordonnances pénales déi rechtskräfteg gi sinn 2020 nach net bezuelt sinn, mee bei dësen Ordonnances ass d'Exekutiounsprozedur nach am gaangen.

**Tableau 4: De folgenden Tableau enthällt d'Informatiounen betreffend d'Zuelen vun der Police zu den Avertissements taxés:**

| | **2019** | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | **Montant** | **Ausgestallt** | **Bezuelt*** | **Net bezuelt** | ***dovunner bezuelt nodeems dass de Parquet saiséiert gouf** |
| | 12 | 6 351 | 5 011 | 1 340 | 35 |
| | 24 | 371 178 | 285 679 | 85 499 | 2 431 |
| | 49 | 364 202 | 313 581 | 50 621 | 856 |
| | 74 | 14 868 | 12 948 | 1 920 | 161 |
| | 145 | 32 419 | 28 513 | 3 906 | 248 |
| | 250 | 1 758 | 1 754 | 4 | 4 |
| | 500 | 41 | 41 | 0 | 0 |
| **Total** | | **790 817** | **647 527** | **143 290** | **3 735** |

| | **Stand : 4. Juni 2020** | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| | **Montant** | **Ausgestallt** | **Bezuelt*** | **Net bezuelt** | ***dovunner bezuelt nodeems dass de Parquet saiséiert gouf** |
| | 12 | 1 665 | 1 243 | 422 | 2 |
| | 24 | 100 306 | 68 052 | 32 254 | 279 |
| | 49 | 99 124 | 69 566 | 29 558 | 128 |
| | 74 | 4 741 | 3 811 | 930 | 22 |
| | 145 | 12 676 | 10 069 | 2 607 | 31 |
| | 250 | 356 | 327 | 29 | 0 |
| | 500 | 24 | 24 | 0 | 0 |
| **Total** | | **218 892** | **153 092** | **65 800** | **462** |

**2)** Am Aktiounsplang « Sécurité routière » 2019-2023 ass virgesin, dat den System vun den Avertissements taxés iwwerschafft soll gin. An deem Kontext huet de Parquet général am März 2020 verschidden Proposen dem Justizministère zoukommen geloos, déi nach intern analyséiert gin iert een mat den concernéierten Acteuren zesummen kënnt fir den Sujet ze verdéiwen.

**3)** D'« contrainte par corps » ass déi lëscht Méiglechkeet fir eng Geldstroof anzedreiwen. D'Persoun déi hir Geldstrof net bezillt gett dofir amplaatz mat Prisong bestrof. Dauer vun der „contrainte" entsprëcht engem Dag Prisong pro Tranche vun 100.- Euros Geldstrof.

Wann eng Ordonnance pénale rechtskräfteg gëtt, dann versicht als éischt d'AED Geldstrof anzedreiwen mat all den Moyens déi hir zur Verfügung stin (avis de paiement, rappel, avertissement, saisie tiers-détenteur, saisie op den salaire, etc...).

Wann et fir d'AED awer net méiglech ass dës Geldstrof anzedreiwen, gi déi betreffend Dossieren zréck op den PG-SEP mam Motiv „net-exekutéiert" an dann eréischt kënnt d'contrainte par corps an d'Spill.

D'Prozedur vum Artikel 691 vum Code de procédure pénale gesäit een leschten Avertissement vir, suivéiert vun engem Délai d'attente vun 2 Méint, wouropshin d'Persoun dann der Police signaliséiert gëtt fir festgeholl ze ginn. Des Prozedur gëllt souwuel fir Residenten an Net-Residenten. Et sief awer dobäi vermierkt, dat d'Exekutioun vun der „contrainte par corps" e Policeasaz fuerdert an et ass evident dat eng Persoun déi zu Lëtzebuerg wunnt méi einfach ze fannen ass wéi een Net-Resident.

Tëscht 2013 an 2020, huet den PG-SEP 51 Andreiwungsdemanden un déi auslännesch Autoritéiten geriicht, op Basis vum Gesetz vum 23. Februar 2010 „relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires" (Frankräich : 36, Belsch : 11, Däitschland : 4). Dës Zuelen sinn relativ niddreg. well zu Lëtzebuerg vill auslännesch Persounen (frontaliers) een Akommes zu Lëtzebuerg hunn an d'Andreiwen vun der Geldstrof deemno hei am Land kann gemaach ginn.

Déi am Ausland agedriwwen Beträg kann een net feststellen, well Kaderdécisioun 2005/214/JAI vum Conseil vun der Europäescher Union virgesait dat Recettë dem auslänneschen Staat ze gudd kommen, deen de facto och Geldstrof agedriwwen huet.

Zuel vun den Dossieren déi vun den auslänneschen Autoritéiten un den PG-SEP iwwermëttelt gi sinn, am Kader vun enger Andreiwungsprozedur, tëscht 2013 an 2020, ass folgend :

| Länner | Unzuel vun den Dossiers |
|---|---|
| **Holland** | 1829 |
| **Frankräich** | 51 |
| **Däitschland** | 692 |
| **Belsch** | 28 |
| **Slowenien** | 4 |

| | |
|---|---|
| **Portugal** | 3 |
| **Eisträich** | 24 |
| **Total** | **2631** |

Et ass ze bemierken, dat déi betreffend Dossiere gréisstendeels op exzessiv Vitesse am Stroosseverkéier zréck ze féieren sinn.

Recettë, déi duerch auslännesch Decisiounen zu Gonschten vum Lëtzebuerger Staat erakomm sinn, tëscht 2013 an 2020, chiffréieren sech op 533.456,05.-€ (d'Zuelen si vun der AED kommunizéiert ginn).